

## Firwat net dovu schwätzen? Eng kleng Bilanz

D'Actioun-Lëtzebuergesch huet dann elo 45 Joer, ass also, wéi ee seet, **am „beschten“ Alter**. Dat hänkt natierlech dovun of, vu wou een et kuckt, wéi een et gesäit an iwwerdenkt.

Am allereinfachsten ass et, ze **kucken/bedenken, wéi et 1971 mam Lëtzebuergesch am Allgemengen ausgesinn huet, dann, wéi dat Ganzt „sech gemaach“ huet**.

Loosst mer emol mat deem ufänken, **wat et an eiser Sprooch uganks vun de 70er Joere guer NET oder knapps ginn ass:**

– **An der Schoul** guff et kee Buch fir eis Sprooch ... déi ower als Fach houfreg op deer zweeter Plaz an der Zensur stong! Wéi soll een dat nennen ... Schilda!

– **An der Kierch** guff zwar dmeescht op Lëtzebuergesch gepriedegt; de ganze „Rescht“ war op Latäin oder Däitsch.

– Dir wollt z. B. op *Soller/Lëtz/Heeschdref/Habscht/Käerjeng/Bitscht* fueren, huet ower nëmme *Sonlez/Lulzhausen/Heisdorf/Hobscheid/Bascharage/Büderscheid* op de **Schëlter** fonnt.

– **Am Telefonsbuch** huet dir net een eenzege lëtzebuergesch Numm vun enger Uertschaft gesinn ...

– Op äre **Vakanzekaarte** guff et praktesch nëmme „*bien le bonjour*“; „*bonne année*“ stong zesoen op allen Neijooschkaarten a „*sincères condoléances*“ an engem Trauerfall.

– Fir d'Baschten hätt jo keen op enger **Menüskaart** eng *Britzopp* oder eng *Paschtétche* fonnt ... vill konnten der sech net zesummereimen, wat dann z. B. dee „*Consummé royal*“ soll sinn.

– **Eng Menüskaart op Lëtzebuergesch?** Dat guff et glat net; eng „*Bouchée*“ krut een iwwerall, mä eng *Paschtétchen* hat keng Chance. Eist Heft, fir esou Saachen op Lëtzebuergesch ze maachen, ass (a 5 Editiounen) 40 000 mol kaaft ginn (och nach do!)

– E lëtzebuergesche **Flouernumm** hat de Kadaster net „drop“; „*um Knapp*“ war iwwerall „*rue de la Montagne*“ asw.

– **Op eise Geldschäiner, den Timbren, dem Pass** stong iwwerall nëmme „Luxembourg“.

– **Den „Tout-Puissant“** huet „*à une meilleure vie*“ geruff ... well och deen huet déi Zäit nëmme Franséisch, heiansdo Däitsch geschwat.

– **D'Familljenannoncen:** zu 95 % op Franséisch/Däitsch ... an elo? Denkt emol u Reklammen a Plakaten, d'Chamberblietchen ...

– **Lëtzebuergesch Bicher** konnt een op der Hand opzielen.

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

– **Keen Ausländer hat eng Méiglechkeet, an engem Cours Lëtzebuergesch** ze léieren; kee Lëtzeburger huet e **Schreif-Cours** fonnt. Mir hunn zu Bieles an Diddeleng domat ugefaang.

– Et huet keen sech drëm bekëmmert, **wat mam Lëtzebuergesche giff geschéien** ... et ass einfach alles (besonnesch am Radio an op der TV) luppen a verhonze gelooss ginn.

– **E Lieserbréif op Lëtzebuergesch?** ... a wann dir net gitt!

– Et huet praktesch keen sech ëm **eis Sprooch** dobausse „**bei de Leit**“ bekëmmert.

– Dat offiziell „*Luxemburger Wörterbuch*“ war 1972 fäerdeg; vun 2 000 Stéck waren der 5 Joer duerno ... 150 verkaaft; no eiser Reklammm um „UKW/Kanal 18“ war et an e puer Méint fort!

– D'Lëtzebuergesch ass **a kengem „Arrêté“**, **a scho guer net an engem Gesetz** ernimmt ginn. Um Fong vum **Sproochgesetz an der Aarbecht fir an d'Verfassung:** d'AL!

– **Vun eiser Sprooch an der Bibel a fir d'Psalmen keng Spur.**

– Asw. Asw.

Eis Sprooch u sech, d'Lëtzebuergesch als Element vun eiser Identitéit; d'Lëtzebuergesch, dat mir den Nazien den 10. Oktober 1941 tockskäppeg (an ënner Doudesgefor!) am „Referendum (*Personenbestandsaufnahme*)“ als EIS SPROOCH an d'Fratz gehäit hunn ... dat **war einfach, bis op en etlech klinzeg Alibi-Grimmen, keen Thema**. Et war keen ëmstand, e Bichelche fir d'Primärschoul ze maachen, wéi dat eefällegt Gestreits ëm d'Schreifweis (Margue-Feltes / Nik. Welter) lächerlech (mä och aremséileg) an de Ginz gaang war ... an zugudderlescht doduerch esouguer dem Nik. Welter säin „*Das Luxemburgische und sein Schrifttum*“ net huet d'äerfen(!) erauskommen. D'Kand war praktesch, bis op e puer „wëssenschaftlech“ Aarbechten an e bësse Literatur, mat der Bidden ausgeschott ginn. **Et huet einfach keen sech déi allermannst Suerg driwwer gemaach, wéi et dann „an der Praxis“ domat géng stoen** a weider sollt goen. Gewëss: Mir haten direkt nom Krich aner Suerge wéi „Sproochmatesgeschichten“, mä spéitstens ëm 1960 hättten eis intressant, gutt a fläisseg Leit sech ëm dee méi „populären“ Deel vun eiser Heemechtssprooch missen hir Gedanke maachen. Dat ass net geschitt ... bis ... **dann iwwerleet emol den Ennerscheid vun 1971 bis haut, an da fannt dir: d'ACTIOUN-LËTZEBUGESCH op allen Ecken an Ennen!** Zënter 45 Joer! Et war an ass net ëmmer einfach. **Mä mir sinn net ze vill „stolz“ dodrop ... vläicht just e bëssen houfreg. Wéi sot de Minister Robert Krieps: Maach Guddes ... a so jidderengem et!**

## „Frësch Loft“

Just bei enger Saach wéi der Aarbecht fir d'Erhalen an d'Virukomme vun eiser Sprooch ass et **wichtig, datt et och „personell“ weidergeet**. Et sinn der nach just zwéi vun deenen do, déi am Februar 1971 am Gebai vun der „Fortuna“ op der Gare beienee komm waren, fir eng Actioun ze grënnen, déi sech ëm d'Lëtzebuergesch „bei de Leit“ gedréint huet: de René Faber an Äre Schreiwert. Mä aus deenen zwéi „Wullerte“ sinn dann och alt méi eeler Häre ginn.

**Et ka jo knapps ee soen, datt mir mat eisem Veräin näischt Opweises hätten;** den Haaptartikel vun dëser KLACK schwätzt doriwwer dach – am Resumé – eng däitlech Sprooch. Mir haten äis och an der Zäit beim Här Bëschof Hengen eng Sprooch-Stäip an der Kierch gefrot, well sech just op deem Gebitt jo viles op Lëtzebuergesch giff maache loosse. Mir kruten dann d'Hëllef vum Här Abbé Arthur Reckinger, deen der Sprooch am Kierchlechen eng immens Hëllef war ... bis hien „am Alter“ mat engem Ramplassang komm ass, dem Claude Bache, engem beléifte Geeschtlechen am „beschten Alter“, deem d'Lëtzebuergesch an der Kierch d'Haaptgebieder, d'Psalmen an d'Bibel an eiser Sprooch zum groussen Deel ze verdanken huet. Elo hu mir dann **eng flott Neiegkeet: 5 jonk Leit hu sech an eise Comité gemellt! Dir fannt si hei uewen am „Impressum“**. Dat ass fir d'Actioun just déi Chance, déi eis Sprooch gebraucht huet! En neie Schwonk; jonk Iddien; e „Generatiounswissel“, deen eng wonnerbar Garantie ass. Mir freeën äis op hir Mataarbecht!

## Erbloost iech emol!

De leschte Samschdeg ass, bis op „eise“ wonnerleefege Kenianer, villen den Otem ausgang. Géngt Dir dofir am Däitsche soen „sie mussten sich erblasen“ ... an ower hu si sech laang missen „erblösen“; natierlech ouni drun ze denken, datt dësen Ausdrock typesch eiser een ass, dee gelungenerweis déi Kéier méi no beim franséischen „essouffler“ läit. Dat Beschtt schéngt ower no esou enger mäerdereger Leeferei ze sinn, wann een net einfach stoe bleibt a sech „ergeet“, grad ewéi dat net schlecht no engem gudden lessen ass.

Mir hunn do nach esou en intressanten Ausdrock, dee gebraucht gëtt/guff, wann een en neit Puer Schong krut: Doran huet ee sech missen „ergoen“ ... an dann hunn si sech „erginn“, wann se laang genuch „agetrippelt“ waren. Intressant oder net?

## Widder(t)?

Mir kennen dat Wiertchen natierlech aus dem Däitschen, wou et ower mat „wieder“ ze dinn huet a mat engem „d“ geschriwwen gëtt. **Am Lëtzebuergesch huet et ower aner Bedeitungen** ... déi mir d'meescht net esou gesinn, well mir äis keng besonnesch Gedanken doriwwer maachen, oder mengen, et wier souwiesou däitsch; ass et ower net! Iwwersetzt dach emol, et wier en Auto „*widdert*“ eng *Mauer* gerannt; et hätt ee bei der Aarbecht ferm „*dowidder*“ gemaach; mir hätten e Schaf „*widdert*“ eng *Mauer* geréckelt; mir wiere mat enger Saach „*hannebäi a vir widder*“ gewiescht; et giff een um Kapp e „Widderbuscht“ net meeschter.

Dat sinn esou kleng „Knatzerten“ am Vokabulär vun eiser Sprooch ... déi ower zimlech kloer drop weisen, datt d'Lëtzebuergesch säi klengt Liewe fir sech féiert. Fuert dir mat?

## Da sicht ...!

Géngt dir einfach esou „am Flock“ **den däitschen Ausdrock fir eng „Strass“** fanne? A wéi wier et mat der „**Schléck**“? Wësst dir, wat „**Geschmierks**“ ass? Dat wieren Ausdréck fir lëtzebuergesch Quiz-Froen, wou der vill misste „passen“. Et wier och vläicht keng iwwel Iddi, esou e Quiz op eiser TV ze organisieren; op d'mannst esou intressant wéi munnech aner „Emissiounen“, déi een hei héiflechterweis net wëllt ernimmen. Et bräichte jo fir esou Quiz-Spiller net ëmmer gläich „Millionären“ erauszekommen; fir d'Nodenkes iwwer eis Sprooch wier et ower Gold wäert!

## Onse Fuendel héich ze halen!

Wien op seng Heemecht an hir Sprooch hält, dee kann dat **an e puer Woche mat engem Fändel weisen**, deen dat symboliséiert. Et schuet jo och bestëmmt näischt, wann „eis“ portugisesch Leit oder aner „Ausländer“ hire Fändel nieft dee vun deem Land setzen, dat si fir hir Aarbecht, hir Famill, hiert Liewen an dat vun hire Kanner a Kandskanner gewielt hunn.